

Réf.: 0073-E16

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Economie à la question parlementaire n° 1729 du 25 janvier 2016 de l'honorable député Fernand Kartheiser.**

---

Als Äntwert op d'parlamentaresch Fro vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser betreffend d'Gesetz vum 10. Februar 2015 iwwer d'Organisatioun vum Maart fir Pëtrolsproduiten (Gesetz) kann ech folgend Informatiounen matdeelen:

D'Groussherzoglecht Reglement vum 17. Juni 2015 iwwert d'Exekutioun vun den Artikelen 6, 7, 8 a 40 vum Gesetz präziséiert d'Berechnungsmodussen vun den Obligatiounen fir de Stockage vu Pëtrol déi an ënnerschiddlechen Artikelen vum Gesetz virgesi sinn.

Lëtzebuerg erfëllt seng Verplichtungen wat d'Sécherheetsreserven am Beräich vun de Pëtrolsproduit'en op der Basis vum Gesetz a vun der Reglementatioun aus dem Joer 2015 uginn an esou wei déi international Obligatiounen vun der Agence Internationale de l'Energie an der Europäescher Kommissioun dat vir gesinn.

Fir d'Vesuergungssecherheet vum nationalen Territoire ze garantéieren, ass et néideg, nei Petrolslager ze bauen, net zulescht well gewëssen Autorisatiounen vu bestoenden Lagerkapazitéiten um nationalen Territoire an den nächste Joeren wäerten auslafen. Deementspriechend ass virgesin, datt eng Zone fir een neit Tanklager am Westen vun der Stad Lëtzebuerg an eng Zone fir een neit Tanklager zu Käerjeng erschloss ginn.

D'Gesetz huet déi national Agence fir de Stockage vu Pëtrolsproduiten (Agence) geschaf. Am Moment lafen d'Aarbechten fir d'Struktur op d'Been ze setzen. Wann d'Agence bis komplett operationell ass, da wäert si hier Aarbechten an enger éischter Phase prioritär op d'Entwëcklung vun deenen hei driwwer genannten zwee neie Siten fir Tanklager konzentréieren.

Den Artikel 38 vum Gesetz setzt den Artikel 9.5 vun der Direktiv 2009/119/CE ëm dee virgesäit, datt all Memberstat der Europäescher Kommissioun virum Enn vum éischte Mount vum Joer n+1 ee Rapport iwwert seng Sécherheetsreserven am Joer n schécke muss. Dee Rapport beschreift déi verschidde gesetzlech Mesuren, déi geholl gi sinn, fir d'Disponibilitéit an d'Accessibilitéit vun de Sécherheetsreserven ze garantéieren, a fir d'Kontroll vun den Sécherheetsreserven am Fall vun enger Versuergungskrise ze erlaben. Wéi all Joer ass dëse Rapport der Kommissioun am Januar zougestallt ginn.